



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n°2874 vum 16. September 2025 vum éierewäerten Deputéierten Här Sven Clement iwwert "Contamination du réseau d'eau potable"**

**1. Firwat brauchen Analyse vum Drénkwaasser hei am Land esou laang fir ausgewäert ze ginn, besonnesch wann een d'Wichtigkeet vum Accès zu propperem Drénkwaasser bedenkt?**

Duerchféierung vun de Waasseranalysen an engem akkreditéiere Laboratoire dauert opgrond vun den Analysemethoden eng bestëmmten Zäit.

Esou ass zum Beispill Ziel vun enger bakteriologescher Analys vum Drénkwaasser, fir ze kontrolléieren, ob d'Waasser fräi vu Mikroorganismen ass. Dës Analys baséiert op der Kultivatioun vu Bakterien, gefollegt vun enger Inkubatiounsphas bei kontrolléierter Temperatur. Um Enn vun der Inkubatiounszäit ginn d'Bakterie Kulturen identifizéiert a gezielt. Des Inkubatiounszäit kann bis zu 72 Stonnen daueren.

Am Fall vun der Gemeng Stroossen ass eng mikrobiologesch Verschmutzung vun der öffentlecher Drénkwaasserversuergung duerch eng Analyse festgestallt ginn. Gemäss der Prozedur aus dem Drénkwaassergesetz vum 23. Dezember 2022, huet Gemeng soubal festgestallt ginn ass dass Drénkwaasser Qualitéit net mei am öffentlechen Reseau garantéiert war, an Zesummenaarbecht matt der Waasserverwaltung Moosnamen geholl fir d'Drénkwaasserqualitéit esou schnell wéi méiglech erëm hierzestellen. Dës Prozedur beinhalt d'Identifikatioun vum Ursprung vum Probleem, d'Ëmsetzung vun de Moosnamen, d'Eliminatioun vum Risiko an dann, an engem nächsten Schrëtt, Duerchféierung vun neien Analysen. Während dëser Zäitspann, a fir all Risiko fir d'Gesondheet vun de Konsumente präventiv ze vermeiden, kann d'Populatioun opgefuerdert ginn, d'Waasser net direkt ze konsuméieren an et fir 2 Minutten ze kachen, fir Gedrénks oder d'Zoubereedung vun lessen.

An der Gemeng Stroossen ass no Recherchen festgestallt ginn, dass Drénkwaasserquell vum staarken Reen beaflosst ginn ass. D'Gemeng huet dunn direkt dat concernéiert Quellewaasser net méi an den Reseau geleet, an amplaz Waasser vum Drénkwaassersyndikat SEBES geholl. Präventiv sinn déi 2 Gemengebehälter desinfizéiert ginn. Fir eng vollständeg Wierksamkeet vun der Desinfektioun ze garantéieren, sinn opgrond vun dem Volume u gespäichertem Waasser 2 bis 3 Deeg néideg. Dunn eréischt sinn Analysen geholl ginn, wou et 72 Stonnen gedauert huet bis Resultater do waren.

Eréischt wann all Risiko fir de Verbraucher ausgeschloss ass, gött d'Krunnewaasser erëm fir de Gebrauch zougelooss. D'Gesondheet vum Verbraucher steet un éischer Stell.

Et sief och nach erwäant, datt laut Statistiken vun der europäescher Kommissioun, zu Lëtzebuerg 99,8% vun den Analysen vum Krunnewaasser am öffentlechen Reseau drénkwaasserkonform sinn. Lëtzebuerg gehéiert hei zu den europäesche Spëtzereider. All Joer gi ronn 6.500 Analysen gemaach, wat d'Krunnewaasser sou zum am beschte kontrolléierte Liewensmëttel mécht.

D'Kontaminatioun zu Stengefort huet an engem Gebai mat engem eegenen Reseau, dat heescht hannert dem "point de conformité" vun der öffentlecher Drénkwaasserversuergung stattfonnt. Fir des Fäll gëllen net déi selwecht Prozeduren an Kommunikatiounswëer wéi bei enger Kontaminatioun an engem öffentlechen Réseau.

**2. Firwat gëtt hei net méi open a séier vu Säite vun enger betroffener Gemeng kommunizéiert, grad wann Betreuungsstrukturen, wou besonnesch vulnerabel Mënsche betreit ginn, betroff sinn?**

Laut den Informatiounen vun der Gemeng Stroossen ass d'Kommunikatioun a gesotem Fall via Warnungen op hirer Internetsäit, op de soziale Medien, op der Plattform Hoplr, op RTL Radio an Télé Lëtzebuerg, an der geschriwwener Press, via "sms2citizen", Push op der City App a via Affichage op de öffentliche LED-Panneauen vun der Strossener Gemeng gemaach ginn.

D'Gemeng Stroossen huet an deem Kontext den Inneminister driwwer informéiert, datt zousätzlech Moosnamen ëmgesat wäerte ginn, fir an Zukunft bei esou engem Virfall nach besser kënne mat de Bierger ze kommunizéieren. Bei dëse Moosnamen handelt sech ënner Anerem ëm d'Ausschaffe vun engem Krisekommunikatiounsplang an eng direkt a personaliséiert Kommunikatioun mat de sougenannte vulnerabele Bierger (wéi z. B. d'Structures d'accueil, Crèchen an Altersheemer). Doriwwer eraus sollen d'Bierger weiderhin encouragéiert ginn fir sech beim Service "sms2citizen" anzuschreiwen.

Generell sief gesot, datt am Fall vun enger Aschränkung vun der Drénkwaasser Versuergung d'Waasserverwaltung den Drénkwaasserfournisseur freet fir déi betraffe Bevölkerung direkt ze informéieren. Den Drénkwaasserfournisseur gëtt vun der Waasserverwaltung dann och drun erënnert fir der Kommunikatioun eng besonnesch Opmierksamkeet ze schenken, besonnesch vis-à-vis vun den Etablissementer, déi vulnerabel Persoune kënnen ophuelen. Et ass ze bemierken, datt wann eng Kontaminatioun an engem Gebai matt eegenem Drénkwaasser Reseau, wéi am Fall zu Stengefort geschitt, aner Prozeduren a Moosname gëllen déi an Zesummenaarbecht mat der Direction de la Santé op déi eenzel Verbraucher cibléiert sinn.

Lëtzebuerg, den 24. Oktober 2025  
(s.) Serge Wilmes  
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit